Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Dat aktuell Budgetsgesetz "*Loi du 23 décembre 2022 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023*" gesäit am Artikel aacht eng degressiv taxe d'abonnement vun 0,04 bis 0,01 Prozent fir OPCe vir, wann dës tëschent fënnef a 50 Prozent oder méi vun hire Verméigenswäerter a sougenannt nohalteg Investissementer placéieren, déi am Artikel dräi vum EU-Reglement *(UE) 2020/852* virgesi sinn. Allerdéngs kënnen si an deem Zesummenhang keng Investissementer urechne loossen, déi op Kategorien entfalen, déi an de Sektioune 4.26 bis 4.31 vun den Annexen I an II vum "*Règlement délégué (UE) 2021/2139*" vum 7. Juni 2021 opgezielt ginn.

Déi viséiert Paragraphe betreffe virun allem Technologien aus dem Beräich vun der Nuklearenergie, déi ënner anerem kënnen agesat ginn, fir Atomkraaftwierker ze moderniséieren an och fir stëllgeluechten Anlagen zeréckzebauen. Duerch dës Dispositioun dréckt d'Regierung hir allgemeng Ofleenung vun der Bewäertung vun der Atomenergie als ëmweltfrëndlech Energieform an der EU-Taxonomie aus. Esou wéi et mir zougedroe gouf, huet d'Regierung allerdéngs rezent e Subsid un eng Lëtzebuerger Firma ausbezuelt, déi am Beräich vun deenen Technologië fuerscht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung d'Transaktioun vun deem Subsid bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung dann elaboréieren, wéi esou eng Entscheedung sech mat de restriktive Konditioune vun der Taxe d'abonnement verdréit? Wéi motivéiert d'Regierung an deem Fall déi Decisioun, d'Investissementer op Basis vun de Sektioune 4.26-4.31 vun der zitéierter EU-Legislatioun weiderhin als net nohalteg anzestufen?
2) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt duerch dës Decisioun net méi genuch an d'Moderniséierung vun Atomkraaftwierker investéiert gëtt, an domat och de Sécherheetsrisiko potenziell zouhëlt?
3) Gesäit d'Regierung an deem Zesummenhang net d'Geleeënheet fir eng allgemeng Revisioun vun der Taxe d'abonnement, notamment fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg vis-à-vis vun der Konkurrenz vun Dublin ze stäerken?

4) Spezialfongen (FIS) profitéieren op Basis vum Artikel 68 vun der "*loi du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés*" automatesch vun enger taxe d'abonnement an Héicht vun 0,01 Prozent, un deenen Investisseuren, déi op Basis vun engem klengen oder mëttleren Akommes spueren, opgrond vun de Prädispositiounen esou wéi se am Artikel 2. (1) vun deem virdrun zitéierte Gesetz festgehale sinn, awer net kënne participéieren. Gesäit d'Regierung op där Basis eng Diskriminatioun vu Leit mat manner Verméigen duerch den Artikel aacht vum aktuelle Budgetsgesetz? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten